N°4157
Entrée le 27.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°4157 vum honorabelen Deputéierten André Bauler iwwer d'Aféierung vun enger "carte de retraite" op nationalem Niveau.**

- *Ass et vun der Regierung aus ugeduecht fir esou eng Identifikatiounsméiglechkeet fir déi Leit an der Pensioun, déi Demandeur fir sou eng Kaart sinn, anzeféieren?*
- *Falls dëst net de Fall wier, weisou zitt d'Regierung dës Méiglechkeet net a Consideratioun?*

D'Konzept vun engem „Rentenausweis" oder enger „Carte de retraite", sou wéi et se deelweis an anere Länner gëtt, besteet doran, dass Persounen déi an der Pensioun sinn, verschidden Avantagen – prinzipiell finanzieller Natur, a Form vu Rabatter a reduzéierten Tariffer – kréien, sief dat z.B. am ëffentlechen Transport, a verschiddene Butteker oder och bei der Entrée zu kulturellen Eventer.

Zu Lëtzebuerg huet d'Regierung net wëlles, pauschal all Pensionär finanziell Virdeeler iwwer de Wee vun engem Rentenausweis ze ginn, mee setzt am Géigendeel op eng selektiv Sozialpolitik, fir déi Leit mat engem niddrege Revenu oder Pensioun geziilt z'ënnerstëtzen. An deem Kader sief besonnesch den alleréischten „Plan d'action national pour la prévention et la lutte contre la pauvreté" ervirgehuewen, deen Enn 2025 presentéiert gouf, an eng ganz Rei Mesurë an deem Sënn virgesäit, dorënner spezifesch fir eeler Leit d'Aféierung vun enger neier „Aide financière pour personnes âgées" (AFPA) an dem „Complément pour personnes âgées" (COMPA), fir Mënschen z'ënnerstëtzen, déi net genuch Moyenen hu fir sech e Bett an enger Wunnstruktur ze leeschten, déi den 1. Januar 2026 a Kraaft getruede sinn.

D'Schafe vun enger neier Hëllef „Complément de vie chère" (CVC), déi sech aktuell an der legislativer Prozedur befënnt (PL 8716), stellt eng weider wichteg Etapp am Kampf géint den Non-recours, bei der Simplification administrative an der Automatiséierung vun de soziale Prestatiounen duer a kënnt och eelere Persounen mat niddrege finanzielle Moyene zegutt. Den CVC wäert bestoend Hëllefe regroupéieren, andeems d'Allocation de vie chère (AVC) an d'Energieprimm integréiert ginn. Et sief an deem Kader och rappeléiert, dass d'AVC 2025 ëm 10% gehéicht an d'Energieprimm verdräifacht gouf.

Un den CVC gëtt eng nei Aide fir Kanner ugedockt, an déi hirersäits d'„Subvention pour ménages à faible revenu" vum CEPAS integréiert gëtt. Dobäi kënnt déi nei Aide fir eeler Leit, d'AFPA, déi och un d'CVC ugedockt gëtt.

De CVC wäert donieft als Referenz gëlle fir den Accès op aner Aiden, wéi de Kulturpass, de „Bon à la connectivité", gratis Iessen am Lycée an d'Klimabonus Aidë fir douce Mobilitéit, wat d'Krittäre betrëfft. D'Beneficiairë vun der CVC qualifizéieren sech deemno automatesch fir aner Hëllefen. De CVC wäert och automatesch u Beneficiaire vum REVIS ausbezuelt ginn.

Den Demandeur vum CVC wäert dann och zousätzlech d'Méiglechkeet hunn, iwwert de Formulaire de demande, eng „Subvention de loyer" unzefroen. De Gesetzesprojet gesäit vir, datt den Fonds national de solidarité, wann den Demandeur dat freet, d'Donnéeë vun der Persoun un de Ministère du Logement weidergëtt an esou eng Demande fir d'„Subvention de loyer" mécht.

Dobäi gëtt och hei d'Prozedur sou geännert, dass de Beneficiaire net méi all Joers eng nei Demande muss maachen, wéi et aktuell fir d'AVC an d'Energieprimm de Fall ass, mee an Zukunft den CVC vum selwe weiderleeft, soulaang een d'Conditiounen erfëllt.

Lëtzebuerg, den 27. Juli 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn